Dat gesot, wäerte mer dësem Projet awer eis Zoustëmmung ginn, well mer gesinn, datt en noutwendeg ass.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den Här Bauteminister Claude Wiseler huet d'Wuert.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Merci, Här President. E puer generell Wierder, nodeem ech selbstverständlech dem Rapporteur fir d'zweet haut Merci gesot hu fir déi gutt Aarbecht, déi e geleescht huet. E puer Aussoen awer zu der Aart a Weis, wéi mer un d'Décisioune vum Stroossebau eruginn.

Et ass evident, datt alleguer déi Décisiounen, déi am Kader vum Stroossebau an deene leschte Jore geholl si ginn, deene Konzepter entspriechen, déi mer an der Landesplanung développéiert hunn. Eis Prioritéite sinn doduerch beaflosst an, ob mer Jo oder Neen zu engem Contournement oder zu enger Strooss soen, huelen all hir Argumentatiounen an deem landesplaneresche Konzept, wat Der am IVL erëmfannt.

Et ass aus deem Grond, wou mer wëllen déi Verbindungsstroossen zwëschent deenen dräi grousse Polen - der Stad Lëtzebuerg an Esch, mat der Liaison Micheville, déi un d'Escher Autobunn ugebonne gëtt, mat der Nordstrooss, déi d'Nordstad mat der Stad Lëtzebuerg verbënnt - prioritär maachen. Et ass aus deem Grond, wou mer wëllen all déi Stroossen, déi an den Entwécklungszentre sinn, wéi Belval, wéi de Ban de Gasperich, wéi an Zukunft de Ban de Hollerich, wéi och déi Pläng, déi ausgeschafft gi si fir d'Entwécklung vun der Nordstad, datt mer do wëllen an Zukunft Stroosseféierung maachen.

Et ass aus deem Grond, wou Reflexioune gemaach ginn, wéi de Contournement vum Süden, vun Ettelbréck, vum Norden, vun Dikrech soll gemaach ginn. Et ass aus deem Grond, wou och déi Choixë vu Contournementer, wéi deen hei vu Jonglënster, wéi dee fréier vu Sandweiler, wéi deen och vu Miersch - well mir hunn eng Ouverture virun zwee Deeg gemaach vum Tunnel Gousselerbierg, wat en fait en Deelcontournement vu Miersch ass, an ech hoffen, datt e Miersch och hëlleft an dem Verkéier dobaussen - gemaach ginn.

Esou ass et och mat den Aarbechte vum Plan sectoriel «Transports», wou ech gradesou gär hätt wéi Dir, datt en elo scho géif um Dësch leien; dat ass awer net esou evident. Mä et ass mat deenen dote Prinzipien, wou och dee Plan sectoriel «Transports» amgaang ass, ausgeschafft ze ginn.

Wa mer esou Projeten hunn, wéi dat hei, wou mer e Contournement vun enger Uertschaft maachen, dann ass dat, well mer wëllen, datt déi Uertschaft do, datt Jonglënster an Zukunft Entwécklungspotenzial kritt, méi kritt, wéi et es huet, datt mer Liewensqualitéit wëllen an déi Uertschaft erabréngen, well mer mengen, datt déi sech kann an Zukunft entwéckelen, well mer déi zousätzlech Liewensqualitéit erabréngen. Et ass aus deem Grond, wou mer net nëmmen e Contournement, mä och dohinner wëllen e Lycée setzen, dat heescht, öffentlech Infrastrukturen, déi also e ganzt Konzept maachen an enger IVL-Entwécklung, an enger landesplanerescher Entwécklung, déi mer maachen.

Datselwecht Argument gëllt fir Miersch. Wa mer de Gousselerbierg opgemaach hunn, wann dat als Contournement fir Miersch gëllt, setze mer och dohinner eng Rei Lycéeën iwwert de PPP, wat alles e Gesamtkonzept mécht a wat Sënn mécht, fir deenen Uertschaften eng Entwécklung duerch de Stroossebau op där enger Säit an op där anerer Säit duerch d'Infrastrukturen ze ginn, déi mer dohinner setzen.

A selbstverständlech, wa mer Stroossebau maachen, muss ee wëssen, datt e groussen Deel vum öffentlechen Transport, wou ech der Meenung sinn, datt dee prioritär muss entwéckelt ginn, an Zukunft iwwert d'Strooss wäert fueren. Dat ass esou an dat wäert och an deenen nächste Joren esou sinn. Och do musse mer Plaz maachen, och do musse mer Plaz reservéieren, datt a sech dee Verkéier ka lafen.

De Carlo Wagner huet probéiert mer ze beweisen, datt dat alles vill ze vill laang gedauert hätt - ech kommen elo vun der Madame Loschetter op den Här Wagner -, ier mer endlech un dëse Projet komm wären.

Här Wagner, et hätt een effektiv kënnen de Projet virun zwee, dräi oder véier Joer vläicht, wa mer fäerdeg gewiescht wären, hei an der Chamber déposéieren a stëmme loossen. Mä elo froen ech lech éierlech: Wat hätt dat eis da gehollef, wa mer dat gemaach hätten?

Well elo feelen eis nach zwee oder dräi oder véier Terrainen, déi mer nach musse kafen, déi mer net kréien, a bis elo, bis Oktober oder November 2007, hat ech keen Expropriatiounsinstrument, fir kënnen, wann et da muss sinn, déi Terrainen an de Besëtz vum Stat ze kréien. An ech baue keng Strooss méi, wa mer den Terrain net hunn. Ech soen lech dat ganz kloer, well d'Beispiller hu mer wat geschitt, wa mer dat maachen. Et hätt also kee Sënn gehat, d'Gesetz virun zwee, dräi Joer ze stëmmen.

(Interruption)

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Et kann een net d'Terrainen 2004 schonn zesummen hunn. Et ass wahrscheinlech ze spéit ugefaange ginn. Ech hunn lech gesot, dass trotzdeem déi Planung schonn iwwer zéng Joer dauert.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Et sinn eng ganz Rei Terrainen, déi mer schonn eng Zäitchen hunn. Anerer, muss ech soen, déi mer nach ëmmer net hunn, an datt mer déi, egal wéini mer ugefaang hätten, elo nach net hätten. Ech hoffen, duerch dat neit Expropriatiounsinstrument, datt mer déi dann elo relativ kuerzfristeg kënnen an de Besëtz vum Stat kréien.

Wa mer deen Text virun dräi Joer stëmme gelooss hätten, dann hätt ech déi Problemer, déi mer ëmmer mat der Finanzéierung hunn, well ech net weess, wéi et geet bei engem Gesetz, wat ech 2004, 2005 stëmme loossen. Wann déi Strooss an deenen nächsten zwee oder dräi Joer elo gebaut gëtt, dann hunn ech wesentlech méi Schwieregkeeten, de finanzielle Volume an d'finanziell Enveloppe anzehalen, wat d'Distanz zwëschent dem Vote an der Realisatioun méi laang ass. Ech wollt dat och eng Kéier soen.

Ech verstinn, datt een ongedëlleg ass. Ech sinn och all Kéiers ongedëlleg, wann ech gesinn, datt duerch dat eent oder dat anert Argument e Projet am Déifbau oder am Héichbau, dee mer brauchen, net weidergeet. Mä hei hätt et eis net vill gehollef, dat méi fréi ze maachen.

Dir hat och de Réckbau vun der aler Trace ugeschwat. Dee muss selbstverständlech gemaach ginn. Mir hate mat der Madame Buergermeeschtesch vu Jonglënster och genügend Diskussiounen doriwwer. Dat ass e Projet, deen awer eréischt kann ugoen, wann deen hei Projet vun der Ëmgehungsstrooss fäerdeg ass a wou ech soen, datt mer en direkt hannendru mussen evidenterweis realiséieren.

Da kommen ech direkt op déi Fro, déi den Här Scheuer gestallt huet: Wat hu mer elo als Schikanen, wann dee Projet hei realiséiert gëtt?

D'Äntwert ass do, datt mer natierlech net am Atelier kënnen d'Strooss bauen an dann innerhalb vun zwee Deeg op den Terrain implantéieren, dann hätte mer kee Problem. Dee Bau wäert ëmmer Problemer schafen. Elo ass deen hei Bau awer esou, datt déi Problemen awer net an deem Sënn esou riseg sinn, datt mer vill Déviatioune musse maachen an datt mer vill aner Saache musse maachen, fir de Verkéier an de Grëff ze kréien, well et ass just op de Punkten, wou et dann op de Rond-point drustéisst, wou mer eventuell déi eng oder aner Moossnam mussen huelen, fir de Verkéier anescht ze leeden, während de Rescht vun der Trace evidenterweis kann ouni Problem gebaut ginn.

Aus deem Grond musse mer natierlech och déi Jonglënster Streck, esou wéi se elo ass, oploossen, bis de Rescht fäerdeg ass, an eréischt da kënne mer de Réckbau hannendrunhänken.

Mir hunn ausgerechent, haut si mer op 17.000 Autoe ronn, déi do fueren. Also mir denken an de Pronosticen, datt mer der 12.000 dovunner ronn wäerten op dee Contournement kréien, datt der awer nach ëmmer 5.000 wäerten déi aner Trace huelen, well eben och an der Mëtt vu Jonglënster eng Rei Stroossen auserneeginn, fir op aner Destinatiounen ze fueren. Et ass och logesch, datt dee Verkéier natierlech och muss sech säi Wee sichen.

Da soen ech hannendrun, wat d'Prozedur ugeet, datt mer am Kader vun dem Gesetz iwwert de 97/11/CE amgaang sinn, mam Ëmweltminister zesummen, dee noutwendege Règlement grand-ducal ze finaliséieren, dee mer brauchen, fir d'Autorisatiounsprozedur komplett ze maachen. Par contre sinn hei an deem Projet de loi op der Säit 27 vun Ärem Text eng ganz Rei Moossnamen, déi an engem Kapitel „Environnement et aménagement du territoire" stinn, wou et ëm Tranchéeë geet, ëm d'Buts antibruit geet, ëm Bassins de rétention geet an ëm aner Mesures de compensation, déi deelweis hei opgezielt ginn, mat engem Total vu 5,7 Milliounen Euro, déi also am Gesetz hei mat virgesi si fir dat, wat mer un der Natur do maachen, deelweis kënnen dann op eng aner Aart a Weis erëm hierzestellen.

Et ginn eng ganz Rei Buts antibruit gemaach, déi och boiséiert ginn. Elo ass et esou, datt dat, wat hei ewechgeholl gëtt - wann ech just deen do Aspekt huelen -, net vill Bësch ass respektiv net vill Beem sinn, well der net vill do an där Géigend sinn, an de Reboisement, dee mer wäerte maachen op deene verschiddenen Terrainen, déi dofir virgesi sinn, wäert sécherlech am Potenzial wäit iwwert deem sinn, wat mer mussen ewechhuelen.

(Interruption)

Da kommen ech op d'Motioun vun deene Gréngen, wou ech Schwieregkeete selbstverständlech domadder hunn, well Der hei eng ganz Rei vun deene Contournementsprojeten an de Considéranten opzielt an dohinnerstellt, wéi wa se wierklech net noutwendeg wieren.

Do kënnt eng Diskussioun, do kënnt eng Prozedur am Kader vum 97/11 mat deene verschiddene Varianten, déi mer wäerten hierstellen, mat deene verschiddenen öffentleche Prozeduren, déi musse gemaach ginn, déi eis dann en fin de compte déi Décisioun mat alle Studien, déi mer dofir brauchen, wäert op där enger oder op där anerer Säit méiglech maachen.

Ech mengen, dat, wat Dir am Invite frot, deen éischten Tiret, ass de toute façon eppes, wat d'Gesetz eis automatesch haut freet. Dofir ass deen Tiret iwwerflësseg oder ass d'Motioun iwwerflësseg.

An deen zweete Punkt - à présenter ces analyses dans le cadre des discussions et décisions parlementaires -, wann een et esou freet, dann ass et natierlech, wa mer an enger Gesetzesprozedur sinn, zu engem falschen Zäitpunkt, fir doriwwer ze diskutéieren, well et esou ass, datt déi ganz Décisiounsprozedur, déi jo eng beschriwwe Prozedur ass, déi mat öffentlechen Unhéierungen, mat öffentlechen Diskussioune stattfënnt, selbstverständlech wäit virdru muss stattfannen, ier mer zur Décisioun kommen, wat fir eng Trace, wéi et gemaach gëtt, an da kënnt jo déi ganz Ausaarbechtung vum Projet, wat jorelaang Aarbecht zu engem Deel eréischt ass, an da gëtt de Gesetzesprojet finaliséiert an da komme mer an d'Chamber. Esou datt et sécherlech net an deem Moment ass, wou esou eng Diskussioun an der Chamber muss stattfannen.

Déi Diskussioun muss stattfannen initialement, wa mer déi ganz Projezéierung vun der Planification générale maachen, eventuell am Kader vun enger Diskussioun, déi heibannen iwwer e Plan sectoriel «Transports» stattfënnt, wou iwwert d'Nécessitéit oder d'Netnécessitéit vun eppes muss geschwat ginn, mä sécher net zu deem Zäitpunkt hei, wou all Viraarbechten an all Décisioune schonn duerch sämtlech Prozedure gelaf sinn, déi am Gesetz 97/11/CE virgesi sinn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a fir déi gutt Aarbecht, déi an der Kommissioun gemaach ginn ass.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5764 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Thiel), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Clement), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Ben Fayot, Roger Negri, Jos Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Eugène Berger (par M. Xavier Bettel), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

D'Motioun, déi déi Gréng abruecht hunn, stëmme mer elektronesch of.

Vote

D'Motioun ass ofgelehnt mat 46 Nee-Stëmmen, bei 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par Mme Viviane Loschetter), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Lucien Clement), Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par M. Marc Spautz), Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Thiel), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err (par M. Jos Scheuer), M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri et Jos Scheuer; MM. Eugène Berger (par M. Charles Goerens), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen elo zum Projet de loi iwwert de Bau vun engem Lycée zu Jonglënster. Déi Häre Wagner, Scheuer, Mehlen an d'Madame Loschetter, grad wéi virdrun, sinn ageschriwwen, a grad wéi virdrun ass den honorabelen Här Lucien Clement Rapporteur. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption et hilarité)

M. Lucien Clement *(CSV)*.- Merci, Här Jaerling.

M. le Président.- Iwwert dëse Projet de loi gëtt muer de Mëtteg am Ufank vun der Sitzung ofgestëmmt. Här Clement, Dir hutt d'Wuert!

10. 5765 - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée à Junglinster

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zu deem zweete wichtege Projet, dee Jonglënster ugeet. D'Antécédenten erspueren ech lech alleguerten, well et sinn hoergenee déiselwecht wéi beim Projet virdrun. En ass deeselwechten Dag déposéiert ginn. Alles ass d'nämlecht wéi beem Projet vu virdrun.

(Interruption)

Et ass net deen nämlechte Rapport, Madame Flesch. En ass e bëssen anescht. Et geet hei nämlech ëm de Bau vun engem Lycée zu Jonglënster, net ëm eng Strooss.

Ech wëll kuerz dozou bemierken, datt och de Projet zur Kreatioun vum Lycée de 24. September 2007 vun der Educationsministesch déposéiert ginn ass an e gëtt selbstverständlech och an där betreffender Kommissioun analyséiert.

Well de Site vum neie Lycée zu Jonglënster tëschent den Uertschafte Gonnereng a Jonglënster no bei der Zone d'activité „Laangwiss" an nëmmen ee Kilometer vum Zentrum vu Jonglënster ewech läit, ass, wéi ech dat scho virdru gesot hunn, de virleiende Projet zesumme mat deem vum Contournement Jonglënster ausgeschafft ginn. Esou konnten och verschidde ganz interessant Synergië mat ageplangt ginn.

Firwat elo de Site Jonglënster fir een neie Lycée? Fir unzefänken ass de Lycée Jonglënster ee vun deene Lycéeën, déi am Plan sectoriel «Lycées» festgehale sinn. Des Weidere geet de Statec dovun aus, datt bis 2010, dat ass jo net méi ganz laang, am Osten de Besoin u Schoulplazen ëm 600 Unitéite respektiv 600 Schüler an d'Luucht goe wäert.

Ausserdeem ass festgestallt ginn, datt méi wéi d'Halschent vun de Schüler aus dem Osten, déi am Postprimaire ageschriwwe sinn, an den Zentrum oder an den Norden an d'Schoul ginn. Eng Etüd vun 2006 stellt fest, datt vun deenen 3.516 postprimairë Schüler aus dem Osten der 1.423 an e Lycée an der oder ronderëm d'Stad ginn an der ongeféier 400 an e Lycée an d'Nordregioun ginn.

Deen neie Lycée zu Jonglënster erméiglecht also duerch déi zousätzlech Schoulcapacitéiten, déi e schaaft, datt manner Schüler herno musse Richtung Lëtzebuerg-Stad, Ettelbréck oder Dikrech ënnerwee sinn, ergo och manner laang Schoulweeër hunn a manner laang Zäit brauchen, fir an d'Schoul ze kommen.

Et kann een elo dovunner ausgoen, datt d'Schüler am Jonglënster Lycée haaptsächlech herno aus deene fënnef Gemenge wäerte kommen, dat sinn d'Fiels, Hiefenech, Bech, Betzder a Jonglënster selwer. Dozou kënnt nach mat Sécherheet och deen een oder anere Schüler aus de Gemengen Nidderaanwen oder Fëschbech.

Här President, ech kommen elo zum Lycée selwer. Et ass virgesinn, datt deen neie Lycée d'Division inférieure vum secondairen Unterrecht ubidde wäert, en plus de Cycle inférieur an de Régime préparatoire vum Secondaire technique souwéi verschidde Filièrë vum Regime vun der Formation professionnelle. Heifir sinn néng Klasse vun deenen insgesamt 70 Klasse virgesinn.

(Mme Colette Flesch prend la Présidence)

Des Weidere gëtt et eng Division électronique, eng Sektioun Kommunikatioun, eng Division informatique am Regime vun der Technikerformatioun, eng Sektioun fir Elektroniker an der Kommunikatioun an eng Informatikersektioun am Régime professionnel. Zousätzlech heizou gëtt e kompletten Zyklus an der Technique générale an der Section informatique ugebuede souwéi e Cycle moyen an de Gesondheets- a Sozialberuffer.

Complétéiert gëtt dës scho grouss Offer mat engem Enseignement commercial fir d'Division administrative et commerciale vun der Technikerformatioun souwéi enger Sektioun vun den Employéen an der Divisioun vum Apprentissage commercial am Régime professionnel.

Des Weidere sinn nach zwou Éducation-différenciées-Klasse virgesinn.

Wéi scho gesot, ass déi schoulesch Offer am neie Lycée zu Jonglënster op dat ausgeriicht, wat ech elo opgezielt hunn, esou datt déi Responsabel ugehale sinn, enk mat dem Lycée vun Iechternach a mam Lycée vu Gréiwemaacher zesummenzeschaffen. Duerch dës Zesummenaarbecht ass et sécherlech méiglech, dann och eng komplett Offer am Oste vun eisem Land unzebidden, wat d'Schoul am Postprimairen ubelaangt.

D'Capacitéite vum Jonglënster Lycée leien esou tëschent 1.220 a 1.400 Schüler, an déi si verdeelt op 70 Klassen. D'Experienzen hu gewisen, datt dat eng optimal Gréisst ass, fir e gudde Fonctionnement vun esou engem Lycée ze garantéieren.

Natierlech ass och fir deen néidegen éducativen Encadrement gesuergt. Dernieft muss a soll d'Schoul awer och eng Plaz vun engem gudden Zesummeliewe sinn. Heifir suergen déi néideg Empfangsstrukturen, en Dokumentatiounszentrum, e Liessall an déi néideg Strukture fir Restauratioun. D'Restauratioun begräift nieft enger adequater Kichen e Restaurant mat 200 Plazen, eng Cafeteria mat 100 Plazen, mat Salle de jeu, an dobäi och nach eng Terrass.

Wat elo d'Sportsinfrastrukturen ugeet, fanne mer nieft véier Vestiairen eng Sportshal mat zwou Unitéiten. Dobäi kënnt eng Piscine, déi och mat véier Vestiairen équipéiert ass. Ausserdeem wäerten et permanent Aarbechtsraim an adequat Réuniounssäll ginn, déi et dem Schoulpersonal erlabe sollen, een Deel vun hirer Aarbecht an der Schoul selwer souwéi an der Équipe pédagogique maachen ze kënnen.

Ech wëll kuerz nach op d'Architektur an den technesche Konzept vum neie Gebai agoen. All Klassesäll souwéi d'Büroen an d'Ateliere si Richtung Osten oder Westen orientéiert, wat da mat sech bréngt, datt eng gutt an natierlech Luucht garantéiert ass. De Sportkomplex ass nordwestlech gedréit. De Pausenhaff an d'Kantin sinn am Süden, fir esou e Maximum u Sonn och matzekréien. Déi verschidde Fligele vum Gebai sinn iwwer eng zentral Galerie matenee verbonnen an där d'Schüler op deene verschiddenen Niveauen dann och zirkuléiere kënnen, ouni an de Reen oder an de Schnéi mussen eraus ze goen. Déi droend Elementer vum Gebai besti gréisstendeels aus enger Struktur aus massivem Bëton.

Wéi bei allen neie Konstruktioune gesäit de Stat och hei een nohaltegt Energiekonzept vir, dat duerch verschidde Mesuren ëmgesat gëtt. Nieft verschiddenen Energie spuerende Baumethoden a -mesuren ass ënner anerem virgesinn, datt d'Heizung mat Copeaux de bois alimentéiert gëtt, déi dann och nach, an dat ass wierklech gutt esou, aus den ëmleiende staatleche Bëscher komme sollen.

Ech wëll Iech awer elo net ze vill mat techneschen Detailer zoukippen. Ech hunn dat Wesentlecht ernimmt. Ech mengen déi, déi sech wierklech am Detail interesséieren, et ass nach e Projet an der Educationskommissioun a selbstverständlech gesäit och den Exposé des motifs vun dësem Projet all Detailer vir, déi een dozou wësse muss.

Här President, e wesentlechen Deel ass awer nach ëmmer dee finanzielle Volet vun dësem Lycée. D'Gesamtbaukäschte ginn op knapp 105, 104,9 Milliounen Euro chiffréiert. De jährlechen Ënnerhalt inklusiv dem gesamte Personal beleeft sech op 22.920.000 Euro.

Wichteg erschéngt et mer nach ze soen, datt déi kommunal Sportsinfrastrukturen, déi vun der Gemeng Jonglënster also, och vum neie Lycée kënne genotzt ginn. Hei handelt et sech ëm dräi Unitéiten am „Hall Omnisports" vum Centre polyvalent Gaston Stein. D'Contrepartie ass, datt d'Gemeng d'Piscine vum Lycée zu gewëssene Stonne kann an Usproch huelen.

Dat si mat Sécherheet Synergien, déi Sënn maachen a virun allem och nach käschtereduzéierend si fir deen ee wéi fir deen aneren. Dëst Ofkommes gëtt esou duerch eng Konventioun mat der Gemeng festgehalen. Dofir ass souwuel der Gemeng Jonglënster, mat hirer Buergermeeschtesch, dem Françoise Hetto, wéi dem Ministère ze félicitéieren, datt se déi Konventioun an där Form ënnerschreiwe wäerten.

De Minister Claude Wiseler huet eis och an der Kommissioun doriwwer informéiert, datt nach net grad all Parzellen - grad wéi beim Contournement och -, fir de Lycée ze bauen, a staatlecher Hand sinn. Des Weidere si mer gewuer ginn, datt de Gemengerot vu Jonglënster d'Ëmklasséierungsprozedur vum Terrain, ëm deen et hei geet, entaméiert huet. Ausserdeem krute mer an der Kommissioun d'Informatioun, datt d'Ausschreiwung par corps de métier, awer an dräi grousse Bléck, erfollege sollen: éischtens emol de Bau selwer, zweetens deen techneschen Deel an drëttens dann de Finissage vun der Schoul selwer.

Ee Wuert nach zum Avis vum Conseil d'État. Déi héich Kierperschaft ass mam Projet averstanen, huet awer gemengt, den Artikel 3 wier superfétatoire an d'Utilité publique wier d'office ginn, well et sech elei beim Jonglënster Lycée ëm eng Konstruktioun handele géif, déi am Plan sectoriel «Lycées» festgehale gouf, ergo och d'Utilité beanspruche kënnt.

Mir waren awer an der Kommissioun der Meenung - an dat, ech mengen och, fir alle juristesche Problemer aus dem Wee ze goen -, fir den Artikel 3 a senger initialer Form trotz allem bäizehalen an esou de Charakter vun der Utilité publique am Projet nach eng Kéier ze ënnersträichen; e bësselchen, muss ech soen, nom Motto „doppelt genäht hält besser". Ech mengen et steet elo dran an da wësse mer och ëm wat et geet.

Dat gesot, Madame President, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech bréngen den Accord vun der CSV-Fraktioun. Ech wier frou, wann dëse Projet eng grouss Zoustëmmung hei an der Chamber krit.

Merci.

Mme le Président.- Merci, Här Rapporteur. Den éischte Riedner ass den Här Carlo Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, et kënnt net esou oft vir, dass an engem an deemselwechten Dag iwwer zwee Projete mat enger grousser Bedeitung fir eng Uertschaft hei an der Chamber ofgestëmmt gëtt. Nach vill manner ass dat de Fall, wann et sech ëm eng Uertschaft aus dem Oste vun eisem Land handelt.

Plusieurs voix.- Aaahhh! Ooohhh!

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Très bien!

M. Carlo Wagner *(DP)*.- Nom Contournement vu Jonglënster elo viru kuerzem solle mer also hei iwwert de Bau vun engem neie Lycée zu Jonglënster ofstëmmen. Dass de Choix, fir een neie Lycée ze bauen, grad op Jonglënster gefall ass, ass mat Sécherheet keen Zoufall an et ass och ouni Zweifel eng richteg Décisioun.

Jonglënster huet an deene leschte Joren eng ganz rasant Entwécklung matgemaach, an zwar esou, dass et nach just eng Fro vun der Zäit war, bis et sech géif imposéieren, dass do misst e Lycée gebaut ginn.

Fir dëse Choix nach besser ze verstoen, brauch ee sech jo nëmmen d'Entwécklung vun der Awunnerzuel vun der Gemeng Jonglënster an deene leschte Joren unzekucken. Zwëschent 1979 an elo, Enn Dezember 2007, ass d'Awunnerzuel vun 3.500 op 6.100 Awunner eropgaang. Mat engem Bevölkerungswuesstum vun also, kann ee soen, ronn 2.600 Awunner an engem Délai vun 30 Joer, oder anescht ausgedréckt, mat engem Wuesstum vu bal 75% an deene Joren ass Jonglënster net nëmmen eng vun deenen dynameschste Gemengen aus dem Oste vun eisem Land, mä generell eng vun deene Gemengen, där hir Bevölkerung besonnesch séier wiisst.

Madame President, dës Zuele beweisen, dass Jonglënster an der rezenter Vergaangenheet eng rasant Entwécklung matgemaach huet. Déi aktuell Gemeng, déi 1979 aus enger Fusioun vun deenen zwou méi klenge ländleche Gemenge Roudebour a Jonglënster entstanen ass, ass haut souwuel a puncto Superficie wéi och a puncto Populatioun déi gréisste Gemeng hei am Land.

Dës Evolutioun fënnt een och an der Zuel vun den...

(Interruption)

Déi zweetgréisst? Déi drëttgréisst?!

Dës Evolutioun fënnt een och an der Zuel vun de Kanner erëm, déi an der Gemeng Jonglënster an deene verschiddenen Uertschaften an d'Schoul ginn. Am akutelle Schouljoer 2007-2008 sinn dat ëmmerhin insgesamt 635 Kanner. Zousätzlech muss ee soen, dass mer och mat deene Gemenge ronderëm Jonglënster - an den Här Clement, de Rapporteur, hat se éinescht opgezielt: Fiels, Bech, Betzder, Hiefenech a mat Jonglënster derbäi - fënnef Gemengen hunn, wou mer eng grouss Entwécklung hunn.

Ech mengen, dass d'Zuelen duerchaus beweisen, dass de Besoin, fir ee Lycée zu Jonglënster ze bauen, duerchaus reell ass. Vill vun dëse Kanner, och aus den Nopeschgemengen, wäerten also an Zukunft net méi wéi bis elo an d'Stad oder op Iechternach an de Lycée goen. Déi Jonglënster Jugendlech wäerten an e puer Joer also an hirer Gemeng hir schoulesch Carrière fortsetze kënnen.

De Wiessel an eng aner Schoul - den Iwwergank vum Primaire an de Secondaire, dee jo schonn net einfach ass - huet et oft fir vill Kanner do och nach méi schwéier gemaach, an dee wäert domadder ewechfalen.

Madame President, bei deem Text, iwwert dee mer haut hei ofstëmmen - mä ech mengen, Madame, dat ass muer, hutt Der gesot, mä peu importe -, handelt et sech eenzeg an eleng ëm dat neit Gebai, an deem den neie Lycée soll ënnerbruecht ginn.

Dat pedagogescht Konzept vun dem Jonglënster Lycée gëtt an engem aneren Text, mat deem sech d'Educationskommissioun nach wäert befaassen, definéiert. Ech wéilt och dofir net an den Detail vun dësem Konzept agoen, mä just ee Punkt vläicht erausgräifen.

Mir begréissen et, dass an deem neie Lycée souwuel den Enseignement classique, du moins wat de Cycle inférieur ugeet, an den Enseignement technique wäerten ënnerbruecht ginn. Mir halen dat fir eng ganz gutt Iddi, wann d'Kanner, och wa se eng ënnerschiddlech schoulesch Ausriichtung aschloen, awer kënnen zesummen an engem Gebai enseignéiert ginn. Esou gemëschte Lycéeë sinn iwwregens och schonn ënnert der Responsabilitéit vum Anne Brasseur entstanen.

Ofschléissend, Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Clement, félicitéieren a Merci soe fir säin exzellenten an detailléierte mënschlechen a schrëftleche Rapport.

(Brouhaha général et hilarité)

...mëndlechen a schrëftleche Rapport. Meng Fraktioun wäert dann och selbstverständlech hiren Accord zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech Merci.

Mme le Président.- Merci, Här Wagner. D'Wuert huet elo den Här Scheuer.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Merci, Madame Presidentin. Ech schléisse mech de prägnante Wierder vu mengem Virriedner un an och natierlech där prägnanter „Captatio benevolentiae" un d'Jonglënster Bierger.

Jonglënster huet d'Chance, zweemol um Ordre du jour ze stoen an zweemol mat ganz flotte Projeten. Jonglënster ass effektiv en Entwécklungszentrum, well se ganz gënschteg leien, just virun der Stad an am Hannerland vum Osten.

De Lycée, dee gebaut gëtt, gëtt gebaut, well en am Plan sectoriel «Lycées» drasteet. Dëst Dokument steet un der Basis vun der Schoulpolitik, déi an de leschte Joren eng aner Nues kritt huet, just duerch de Plan sectoriel, an dat ass eng gutt Saach! Endlech hu mer en Instrument, wat eng rationell Planung zouléisst, eng rationell Planung, déi op novollzéibar Kritäre berout. An déi Kritären hunn erginn, datt op där dote Plaz e Lycée sënnvoll wär.

Et ass awer iergendwéi komesch an et entsprécht net der Realitéit, wann een aus dem Jonglënster Lycée e Lycée aus dem Pôle Est mécht. Jonglënster läit, wéi ech et scho gesot hunn, praktesch un der Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg an et ginn, mengen ech, méi Élèvë vu Jonglënster an d'Stad an d'Schoul, wéi datt der op Maacher ginn, a wahrscheinlech och méi, wéi der op Iechternach ginn. Doduerch ass dee Plan scolaire, dee Prioritéitsplang, deen opgestallt gëtt, nëmme relativ. Wa mer zu deem anere Projet kommen, wäerte mer och doriwwer diskutéieren.

Et ass ze bedaueren, datt mer ewell iwwer e Bauprojet diskutéiere sollen, en fait awer net iwwert de Schoulprojet schwätzen, dee vun der Regierung de 24. September 2007 deponéiert ginn ass. Mir hunn nach ëmmer keen Avis vum Statsrot. Et géif sech awer wierklech opdrängen, esou Projete kombinéiert ze behandelen!

Ee Wuert nach zur Gemeng an zur Auswierkung, déi esou ee Lycée op eng Gemeng kann hunn.

Et muss eng Zesummenaarbecht entstoen tëschent deem Lycée an der Gemeng Jonglënster. Et muss ganz kloer sinn, datt esou ee Gebai, esou ee Bau - den Här Roth lauschtert och - integréiert muss ginn an d'Urbanisatioun, an d'Sozialliewe vun enger Gemeng.

Ee Lycée huet net nëmme Studenten, déi gär zréckkommen op déi Plaz, wou se geléiert hunn, déi sech net nëmme gär do ophale während der Schoulzäit, mä e Lycée wéi deen heiten, dee wäert och 150, 170 Enseignantë kréien, a wann een d'Chance huet, wann et engem geléngt fir déi mat anzeplangen an d'Veräinsliewen, an d'Kulturliewe vun enger Uertschaft, datt se sech fir d'Geschicht vun der Uertschaft interes-

séieren, dann ergëtt sech aus engem Schoulprojet eng Plus-value fir d'ganzt Liewe vun enger Communautéit.

Ech wënschen deene Jonglënster dobäi eng ganz glécklech Hand. Si hunn elo Zäit, fir ze plangen. Déi Wiesselbezéiung muss een Element si vun der Schoulpolitik, an do kënnt ee weiderfuere bis zur Diskussioun, déi mer iwwert d'Violence, iwwert d'Gewalt gefouert hunn.

E lescht Wuert nach: Et huet een esou e bëssen d'Impressioun wéi wann d'Regierung an d'Bâtiments publics déi nei Projeten, et sinn der jo ganz vill komm, aus dem Tirang géifen zéien. An ech froen dann heiansdo an der Kommissioun: Maacht Der och Architektur?

Wichteg ass, datt déi Gebaier et erlabe fir zesummenzeliewen. Do muss den Term Convivialitéit falen. D'Élèvë musse sech wuel fillen, a si musse sech wuel fillen an opgeholl sinn och ausserhalb vun der Schoulzäit. Déi nei Projeten droen deem Rechnung.

Wann een et dann och nach fäerdeg bréngt, datt dat Haus gutt ausgesäit, datt et esou ausgesäit, datt een och en Emblème draus maache kann an datt et onverwiesselbar ass, dann huet een dem Gebai en Déngscht geleescht, et huet een deenen en Déngscht geleescht, déi dra sinn, entweder als Élèven oder als Professeren, an et huet een och en Emblème geschaf fir d'Uertschaft.

Déi Froen, déi elo opstinn, sinn natierlech - wéi ëmmer - d'Fro vum Timing an déi vun der Kombinatioun vun deenen zwee Chantieren.

Ech ginn och dovun aus, Madame Loschetter, datt Dir dëse Projet stëmmt. Sidd Der sécher, datt en ouni de Contournement iwwerhaapt méiglech wär? Esou wéi en elo entstanen ass? Ech zweifelen dodrun. Ech menge souguer, datt de Plan sectoriel «Lycées» deen anere Projet engendréiert huet, oder ëmgedréint; wann dat eent net gewiescht wier, wier dat anert och net gewiescht.

Ech wënschen dem Bauteminister eng glécklech Hand bei der Gestioun vun den zwee Chantieren an der Jonglënster Gemeng vill Succès a vill Liewensqualitéit mat deenen zwee neie Projeten. Domadder schléissen ech do, wou den Här Wagner ugefaangen hat.

Une voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Här Scheuer. D'Wuert huet elo d'Madame Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Madame Presidentin. An ech fuere weider do, wou den Här Scheuer opgehalen huet,…

Une voix.- En huet lech schéi provozéiert.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Neen. …well en eppes gesot huet, wat ech eigentlech och wollt soen - en huet mer d'Wierder aus dem Mond geholl -, mä well et esou wouer an esou richteg ass, géif ech et ganz gär nach eng Kéier widderhuelen.

Wéi einfach ass et, wann een dann e Plan sectoriel huet, an Dir hutt gesot, dann huet ee ganz kloer Kritären, wat, wou a firwat kënnt, an hei genau ass et och esou. Duerfir kënnt och de Lycée Jonglënster op Jonglënster, well en net nëmmen an engem Plan sectoriel «Lycées» ass, mä well en och nach an deem Plan sectoriel als Prioritéit bezeechent ginn ass. An ech denken, wat de Rapporteur virdrun ernimmt huet, beweist och, datt dee Lycée noutwendeg ass.

Pour la petite histoire hoffen ech, datt mer elo zu Réide kee Contournement kréien, well och do kënnt e Lycée, zu Wolz kee Contournement kréien, well och do kënnt e Lycée. Also ech denken net, datt déi Saachen ëmmer mussen zesummelafen.

E Bauteprojet ass ni neutral, an och dëse Bauteprojet ass net neutral, an ech denken, datt dee Lycée esou gebaut ginn ass, datt en effektiv eng gewësse Convivialitéit an eng gewësse Form vu Schoulhalen an Ander-Schoul-sech-Ophalen och ka promouvéieren, an duerfir wënscht déi gréng Fraktioun am Fong geholl dësem Bauteprojet, wann e bis fäerdeg ass, datt e mat flotten Inhalter gefëllt gëtt. Mir wäerten dee Projet och stëmmen.

Une voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Madame Loschetter. Leschte Riedner ass den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Madame President. Wa mer hei iwwert de Lycée schwätzen, nodeem datt mer iwwert de Contournement geschwat hunn, da wëll ech fir d'éischt d'Fro opwerfen: Ass de Standuert vun deem Lycée dee richtegen?

Da si mer beim IVL, wou all Mënsch eppes anescht drënner versteet. Tatsaach ass, datt d'Agglomeratioun Jonglënster-Gonnereng sech esou staark entwéckelt huet, datt e Besoin entstanen ass, fir eng Schoul do an där Regioun ze bauen.

Et widdersprécht awer där grousser Linn, déi mer eis emol eng Kéier ginn haten, fir d'Schoulen esou wäit wéi méiglech un d'Eisebunnen ze bauen. Natierlech läit Jonglënster tëschent deenen zwou Strecken. Mir hunn d'Nordstreck am Mierscherdall a mir hunn d'Waasserbëlleger Streck am Syrdall.

Wann een als grousse Prinzip geholl hätt, mir wëlle wierklech bei d'Eisebunne bauen a mir wëllen, datt méiglechst vill vun deenen Uertschaften, déi riets a lénks leien, nëmme just de Minimum un Trafic mam Auto oder mam Bus musse maachen, als Zubringer op d'Zuchstreck, da läit en natierlech op der falscher Plaz. Et sief dann, et géif een drun denken, de gudden ale Charly erëm eng Kéier ze reaktivéieren.

Et war och dat, mengen ech, wann ech d'Madame Loschetter verstanen hunn, si huet e bëssen an Orakele geschwat bei der Strooss, wat si geduecht hat bei der Nullvariant. Dann hätt een de Lycée allerdéngs, wann een de Charly erëm lafe gelooss hätt, missen e bëssen op eng aner Plaz setzen.

(Interruption)

Neen, ech hunn en net méi gesi fueren.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Här Mehlen, et wier eng fir déi Gréng schwiereg Konfliktsituatioun gewiescht tëschent Zuch a Vëlo. An déi Entscheedung hätt nach misse getraff ginn.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- De Moment, effektiv.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Um Charly fiert nämlech de Vëlo.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Wiem sot Der et, Här Scheuer!

Ee Wuert och zum Site. Et ass elo gesot ginn, e muss iergendwou och agebonne ginn an d'Uertschaft. Mir begréissen et, datt et e Site ass, deen de Moment roueg ass, deen hoffentlech och e bësse roueg bleift. Well dat, wat hei ënnen um Geesseknäppche geschitt ass, ass sécher net ideal fir Schoul ze halen: eng grouss Akkumulatioun vu Schoulen op enger Plaz, wou enorm vill Verkéier derlaanscht leeft, an deem Mooss, datt souguer d'Fënstere mussen zoubleiwen, fir datt d'Schüler net ze vill schlecht Loft kréien.

Ech géif der Schoul jiddefalls wënschen, datt et op där schéiner Plaz, wou se hikënnt, roueg bleift an datt et sech agréabel do enseignéiere léisst.

Dann den Accès un den Transport public; vu datt den Zuch net derlaanscht leeft. Hei komme spéiderhin tëschent 1.200 a 1.400 Schüler; et kann ee rechnen 80 bis 100 Leit Personal och nach derbäi, an dat geet moies am Prinzip alles mateneen un, mam groussen Trafic, deen duerchleeft - ech hunn et scho gesot gehat - a Richtung Stad oder a Richtung Waldhaff. Ech widderhuelen hei nach eng Kéier meng Bedenken, datt dee Rond-point dat net packe wäert, datt et wierklech do zu Schwieregkeete kënnt.

Eng aner Iwwerleeung ass déi: Mir gesinn, wa mer de Projet kucken, wéi d'Schoul opgebaut ass, wéi d'Besoinë gerechent gi si vun de Säll. Mir wëssen awer, datt d'Schoulhalen an Evolutioun ass, datt deen Typ vu Schoul, dee mer elo envisagéiert hunn, méiglecherweis schonn net méi deen ass, deen da fonctionnéiert, wann déi Schoul eng Kéier fäerdeg ass, oder datt op jidde Fall am ganzen Enseignement Neierungen an Ännerunge kommen.

Ech hoffen, datt déi Raimlechkeeten esou flexibel sinn, datt se sech herno - well déi Schoul ass jo net nëmme fir 20 Joer gebaut, hoffentlech - Méiglechkeete genuch opléisst, fir eisen Enseignement esou flexibel ze gestalten, wéi mer eis dat alleguer wënschen.

Dann nach e Wuert zum Concept énergétique. Selbstverständlech - ech mengen dat muss och eng Selbstverständlechkeet sinn - ginn hei ganz héich Energiestandarden agesat. Et gëtt op dem Standard vun Niddregenergiehaus gefuer. Thermesch Energie, liese mer, do ginn 30 kW-Stonne pro Quadratmeter a pro Joer veranschlagt. Heizung per Holzhackschnitzel - ech hu mech scho gefrot, ob mer zu Lëtzebuerg net solle vläicht Holzmäifel soen, vläicht verstinn d'Leit dat da besser dobaussen.

Wat ech mer gewënscht hätt, Här Minister, dat wär, datt ee bei där Schoul och elektresch Energie produzéiert hätt. Et ass jo och eng Schoul, déi techneschen Enseignement gëtt. Et wär sécher interessant gewiescht fir eng Partie Solarenergie do ze produzéieren, och fir deene jonke Leit virun allem ze weisen, wat et ass, wéi et fonctionnéiert, fir se derfir kënne praktesch ze begeeschteren.

Datselwecht: Ech hunn net gesinn, datt Reewaasser soll opgefaangen an utiliséiert ginn. Dat ass eppes, wat mer haut de Privatleit alleguer priedegen. Wann de Stat dann awer bei neie Gebaier net mam gudde Beispill virgeet, da brauch een sech net ze wonneren, wann d'Privatleit soen, da brauche mir et och net ze maachen. Ganz besonnesch well, wéi gesot, hei jo awer jonk Leit sinn, déi spéiderhin eng Kéier als Bauhären investéiere wäerten, datt se do scho gewise kréien, wéi een dat ka maachen a wéi flott datt dat ka sinn.

Bei engem Käschtepunkt vun 105 Millionen Euro wär et sécher op eng oder annerhallef Millioun net méi ukomm. Trotzdeem fanne mir, datt et e flotte Projet ass, a mir wäerte selbstverständlech dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Mme le Président.- Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung nach d'Wuert.

M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*.- Merci, Madame Presidentin. Just ganz kuerz zwou Remarquen. Éischtens ass et richteg wat gesot ginn ass, datt d'Architektur vun engem Bauprojet ëmmer e wéineg d'Philosophie erëmspigelt vun deem, wéi do sollt Schoul gehale ginn. Och hei an dësem Projet gesäit een dat ganz gutt. Mir hu probéiert, eng oppen, frëndlech, flexibel Schoul ze maachen, wou d'Architektur genau dat, wat an der Schoul soll geléiert ginn, wéi do soll geschafft ginn, erëmspigelt.

D'Fro ass gestallt ginn: Ass et dee richtege Lieu fir et ze maachen? Hei ass de Plan sectoriel ausgeschafft ginn, wou am Fong déi ganz Stréim vu Schüler, vu wou se hierkommen, wou Konzentratioune sinn, wou momentan déi Schüler, déi an där Géigend wunnen, higinn, opgerechent gi sinn, probéiert a Polen anzedeelen, probéiert och d'Land esou ze organiséieren, datt jiddfer Pol déi Capacitéiten huet, déi e brauch. Duerfir ass Jonglënster gewielt ginn. Et kann een ëmmer alles a Fro stellen, mä ech mengen dat hei ass awer, wat d'Capacitéiten ugeet, wat d'Stréim vu Schüler ugeet, dee Site an déi Schoul do, wou mer se brauchen.

Ech mengen och, wat de Concept énergétique ugeet, do kann een ëmmer soen, et hätt een nach dat hei oder dat anert zousätzlech solle maachen: Mir hunn hei keen energetescht Konzept fir pedagogesch Zwecker gemaach, mä mir hunn en energetescht Konzept gemaach, wat soll effikass sinn, wat soll fonctionnéieren a wat och deem entsprécht, wéi mer an anere Schoulgebaier un déi energetesch Konzepter eruginn. An ech mengen, dat ass effikass a korrekt esou.

Dat war dat, wat ech nach wollt hei dozoufügen. Ech soen all deenen, déi dëse Gesetzesprojet stëmmen, villmools Merci an ech hoffen, datt mer schnell mat där Schoul hei ukommen.

Une voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun vun deem Projet ofgeschloss. Wéi de President gesot huet, fënnt de Vote muer de Mëtteg statt.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 20.06 heures)

Chambre des Députés
LUXEMBOURG
Chamber TV
weist all öffentlech Sëtzung live an integral

An der Gemeng Bartreng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Beetebuerg *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Walfer *um Kanal S29 / 367.25 Mhz*
•
Zu Biwer an zu Wecker *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bous *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Bërmereng *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dippech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dikrech *um Kanal S19 / 287.25 Mhz*
•
Zu Iermsdref *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

Zu Esch-Sauer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Nidder- an Uewerfeelen *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Gréiwemaacher *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hieffenech *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hesper *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem an Nouspelt *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Manternach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Medernach *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*